Lëtzebuerger
Guiden a Scouten

# Stratego: Piraten

**Material:**

- Spillkaarten fir all Biber (eventuell plastifizéiert)
- „Liewen“ oder Objet fir ofzehuelen (hei: Schatz)

**Oflaf/Reegelen:**

- 2 oder 3 Gruppe mat jeweils 5 Kanner
- All Kand an der Grupp kritt eng „Roll“. (Falls et net opgeet, kann ee Kand och zwou Kaarte kréien oder ee Chef spillt mat.)


Op senger Kaart ass op der enger Säit e Bild vun där „Roll“ wou en huet. Z.B. de Kapitän. Op der Récksäit steet da schwaarz geschriwwen „Kapitän“, also déi Roll, wou d‘Kand ass. Gréng geschriwwen sinn déi Rollen, géint déi hie gewënnt. Rout geschriwwen sinn déi Rolle, géint déi hie verléiert.

| | |
|---|---|
| Kapitän<br>Pirat<br>Matrous<br>Fëscher<br>Papagei |  |



- All Grupp huet eng „Zentral“ an där ee Chef sëtzt an “d‘Liewen“ oder Objeten verdeelt. (Hei: Schatz)
- Et ginn zwou oder dräi Gruppen (de Faarwen no: hei blo/rout/gréng) déi géint eneen spillen (Beispill mat 2 Gruppen):

→ Déi blo spille géint déi rout: all Kand huet ee Liewen am Grapp. Si mussen d‘Kanner aus der anerer Grupp ofklappen. Wann ee Kand en Anert ofklappt, vergläiche si op hire Kaarten wee „gewënnt“. Zum Beispill klappt de Kapitän aus der bloer Ekipp de Papagei aus der rouder Ekipp of, da vergläiche si hier Kaarten a gesinn, dass de Kapitän „verléiert“ a muss säi Liewen/Schatz dem Papagei ofginn. De Kapitän muss dann zeréck a seng Zentral lafe fir nees ee Liewen/Schatz ze kréien.

- Et kann een no 10 Minutten d‘Rollen am Grupp och wiesselen, dat bréngt méi Ofwiesselung an d‘Spill.
- D‘Spill kann een ofbrieche wéini ee wëll. Z.B no 30 Minutten. Duerno ginn d‘Liewe gezielt, déi si vun der Géigenekipp gesammelt hunn. Déi, déi am meeschte Liewen vun dr Géigenekipp hunn, hu gewonnen.

| | |
|---|---|
| Kapitän<br>Pirat<br>Matrous<br>Fëscher<br>Papagei |  |
| Kapitän<br>Pirat<br>Matrous<br>Fëscher<br>Papagei |  |
| Kapitän<br>Pirat<br>Matrous<br>Fëscher<br>Papagei |  |
| Kapitän<br>Pirat<br>Matrous<br>Fëscher<br>Papagei |  |
| Kapitän<br>Pirat<br>Matrous<br>Fëscher<br>Papagei |  |

Kaarten fir an der Mëtt ze diebelen: d'geschriwwe Rolle komme vir an d'Bild hannen.

| | |
|---|---|
| Kapitän<br>Pirat<br>Matrous<br>Fëscher<br>Papagei |  |
| Kapitän<br>Pirat<br>Matrous<br>Fëscher<br>Papagei |  |
| Kapitän<br>Pirat<br>Matrous<br>Fëscher<br>Papagei |  |
| Kapitän<br>Pirat<br>Matrous<br>Fëscher<br>Papagei |  |
| Kapitän<br>Pirat<br>Matrous<br>Fëscher<br>Papagei |  |

| | |
|---|---|
| Kapitän<br>Pirat<br>Matrous<br>Fëscher<br>Papagei |  |
| Kapitän<br>Pirat<br>Matrous<br>Fëscher<br>Papagei |  |
| Kapitän<br>Pirat<br>Matrous<br>Fëscher<br>Papagei |  |
| Kapitän<br>Pirat<br>Matrous<br>Fëscher<br>Papagei |  |
| Kapitän<br>Pirat<br>Matrous<br>Fëscher<br>Papagei |  |

D‘Liewen/Objete fir déi eenzel Gruppen:
Schatztruhen an der Faarf vun hirer Grupp (blo, rout, gréng).

Dir kënnt och Géigestänn huele wéi Stëpp oder Ficellestécker a verschiddene Faarwen.

